Voyage Scientifique: Den éischten Dag

Den éischten Dag vun eiser Rees si mir moies mam Bus vu Lëtzebuerg op Genève gefuer. Do hu mer dunn den Observatoire de Genève besicht, wou mer Saachen iwwert Astronomie wei zum Beispill Exoplanéiten geleiert hunn. Nodeems mer dunn am Hotel agecheckt haten, hu mer e klengen Tour duerch Genève gemaach wou mer ënner anerem de Jet d'Eau an d'Monument de Brunswick gesinn hunn. Dono ware mer dann nach an eng Pizzeria iessen a sinn du wei Steng an d' Bett gefall.

Voyage Scientifique: Den zweeten Dag

Et ass Dag 2 vum Voyage scientifique an dee fänke mir mat enger Visite vum Floss Aire un. Nodeems mir rausfonnt hunn dass et weder de Wand, nach de Storch ass, deen d'Sténg bei de Floss bréngt mee se vum Gletscher kommen, konnte mir beräichert an de CERN weiderfueren.

Och wa mir de weltbekannten Teilchenbeschleuniger leider net konnte kucke goen, hate mir awer Spaß a ware faszinéiert vun der wëssenschaftlecher Ausstellung. 🔭🖥️ Duerno hu mir eis leider schonn vun der Schwäiz misste verabschiden, et ass Richtung Chamonix gaangen FR 🚌💨💨

Nodeems mir eis et am Hotel mat Piscine a Sauna konnte gutt goe loossen, huet den Dag mat enger Visite duerch Chamonix a seng interessant Geschicht opgehal. 🏔️🏔️

Voyage Scientifique: Den drëtten Dag

Den drëtten Dag si mir zu Chamonix op d'Aiguille du Midi geklomm, déi sech op enger Héicht vun 3842 m befënnt. Dofir hu mir den Téléphérique missen huelen. Wou mir bis ukomm sinn, konnte mir eis e bëssen ëmkucken a flott Photoen maachen. 🏔️FR Spéider hu mir de Bus fir op Monza geholl fir den Autodromo Nazionale di Monza ze besichen. Dëst Event gouf vum Sponsor Pirelli erméiglecht, soudass mir een Abléck hannert d'Kulisse konnte kréien. 🏎️🏁

Owes si mir mam Bus op Verona gefuer, wou mir d'Staat besicht hunn a Owesiesse giess hunn. No eisem laangen Dag (an engem gudde Gelato) si mir zeréck an eisen Hotel gaange fir eis op den nächste flotten Dag virzebereeden. 🍦

Voyage Scientifique: De véierten Dag

Um véierten Dag konnten d'Schüler sech e bëssi mei entspanen. Moies si mir iwwert Via Gardesana mam Bus bei de Garda Séi gefuer. Bei enger Promenade sinn e puer Schüler an de Séi gespronge wärend anerer mat de Proffe gedanzt hunn. 🌊🚣💃 No enger Pizza an enger éischter Glace si mir dann op Trento gefuer, wou mir als éischt an de Musée gaang sinn an dono am Zentrum vun der Stad eng zweet Glace spendéiert kruten. 🏛️🍦

Owes hu mir dann nach dem Felix säin 18ten Gebuertsdag gefeiert an hunn d'Nuecht am Fly Bike Hotel bei engem Militärflughafe verbruecht.🛩️

Voyage Scientifique: De fënneften Dag

Freides moies si mir zu Trento erwächt a sinn direkt mam Bus op d'FEM (Fondazione Edmund Mach) gefuer. Do hu mir geléiert, wéi een Déieren an hirem natierleche Liewensraum observéiert a wéi een d'Pathogene kontrolléiert, déi Planzen ugräife kënnen.

Nomëttes hu mir eng zimmlech speziell Begéinung gemaach: Mir hunn den Ötzi – e Mann, dee scho viru 5000 Joer gestuerwen ass, gesinn!

Fir den Dag ofzeschléissen, hu mir nach eng laang Busrees vu 6 Stonne gemaach, vu Bolzano op Zürich.

Voyage Scientifique: De sechsten Dag

De Moien hu mir eis mam gudde Früstück an der Jugendherberg, an där mir iwwernuecht hunn, gestäerkt 🍞☕ – ideal fir den en Dag unzefänken!

Duerno stoung eng ganz speziell Aktivitéit um Programm: D'Visitt vun der ETH Zürech, wou mir eis mat Studente getraff hu, déi eis d'Uni gewisen hu. 🎓✨

Weider goung et op d'Polyterrasse, wou mir eng exzellent Vue op d'Stad haten
- 🏔️ D'Alpen
- ⛪ D'Alstad mam Grossmünster
- 🌊 Den Züricher See
- ⚓ An de Floss Limmat

No der Tour hate mir eng Stonn Fraizait fir d'Mëttegiessen 🍕.

Zum Schluss hu mir eis 🚌 mam Bus zeréck op Lëtzebuerg gemaach an domadder geet eise flotten a léierräiche Voyage offiziell op en Enn.